Kommt mir versichen, äis de Realitéit vum Liewe méi bewusst ze sinn! D'Schaffen a Wibbelen, sech engagéieren, dat kann dem Liewen e Sënn ginn! Wéi sot de Voltaire: "Il faut cultiver notre jardin."



LENA MAM CORINNE WAGNER & OLIVIER STÉPHANE VU SËLL: ECH GINN ZE FOUSS ODER MAT DER TROTTI AN D'SCHOUL!

D'Lena geet oder rullt all Dag mat sengem Papp Olivier oder senger Mamm Corinne an d'Schoul. Si wunne 500 Meter wäit wech vun der Sëller Schoul, wou d'Lena an d'Spillschoul geet.

Haut ginn ëmmer méi Kanner mam Auto bei de Busarrêt oder an d'Schoul gefouert. Firwat haalt Dir weiderhin drop, dass d'Lena ze Fouss an d'Schoul geet?

Et deet einfach gutt moies um Wee fir an d'Schoul frësch Loft ze schnappen an e bëssen dobaussen ze sinn als Iwwergang zwëschen der Schoul an doheem. Wann ee mam Auto bis bei d'Schoul gefouert gëtt, ass dat net de Fall. Mir fannen et interessant de Wiessel vun de Sai-

sone matzëerliewen. Lo am Fréijoer héiert een d'Villercher sängen, am Hierscht spille mer mat de Blieder déi eroffalen, am Wanter stampfe mer duerch de Schnéi.... Dat alles ass méi flott wéi Autofueren!

Natierlech muss ee sech e bëssen Zäit huelen, et sëtzt een oft méi séier am Auto wéi ee kucke kann! Mee di wéineg Zäit, di ee mam Auto gewënnt, mécht all di aner Virdeeler vum ze Fouss goen net wett: eng besser Gesondheet an ee méi héicht Wuelbefannen, eng Connectioun zu sengem Ëmfeld, méi sozial Kontakter,...

Wat mengt Dir sinn d'Ursaachen, dass net méi Kanner ze Fouss an d'Schoul ginn?

Engersäits ass et sécherlech aus zäitleche Grënn, vill Eltere setzen hier Kanner um Wee fir op d'Aarbecht bei der Schoul of. Anerersäits ass et bestëmmt och duerch de steigende Verkéier an di vill Autoen, Trakteren

an Camione bedéngt, déi ze séier duerch eis Dierfer fueren. Dat bréngt mat sech, dass et vill méi geféierlech fir d'Kanner um Trottoir ginn ass. D'Eltere bréngen dann ebe léiwer hir Kanner mam Auto an d'Schoul, wéi dass se hir Kanner selwer ze Fouss an d'Schoul goe loosse.

Eng 3. Ursaach ass vläicht déi, dass et einfach eng Saach vun der Gewunnecht ass. Et ass méi praktesch a méi kammoud mam Auto ze fueren, ënnert dem Virwand: "O, et reent haut", oder "Et ass ze kal"... an da sëtzt ee schon am Auto!

Wat sinn an ären An d'Virdeeler fir d'Kanner wann se ze Fouss an d'Schoul ginn?

Et besteet keen Zwiweel, dass ze Fouss goe méi gesond ass wéi Autofueren. Et ass och bewisen, dass ze Fouss goe positiv Auswierkungen op de Kanner hier Perséinlechkeets-Entwécklung a Léier-Fäegkeet huet.

Fir eis ass d'Zäit um Schoulwee och ee kuerze Moment, dee mer mam Lena zesumme kenne verbréngen, ouni sech zousätzlech mussen op de Stroosseverkéier ze konzentréieren. Mir kënnen dann iwwe seng Erlebnisser vun der Schoul schwätzen oder einfach drop lass quatschen. Mir huelen eis och Zäit eist Ëmfeld ze kucken, mir treffe Leit ënnerwee mat deene mir diskutéieren, ... dat mécht alles Spaass.

Wat ass äre Message un d'Lieser?

Den Trottoir ass fir d'Foussgänger, d'Strooss ass fir d'Autoen! D'Autosfuerer sollen also esou parken, dass d'Foussgänger nit mussen an d'Strooss auswäichen.

D'Autosfuerer sollen an den Uertschaften de Code de la Route respektéieren (d.h. max. 50km/h) an un d'Foussgänger denken!



RENÉE & JOHN KAUFMANN-BERENS VU SËLL: SECH FIR SENG IWWERZEEGUNGEN ENGAGÉIEREN

D'Renée an de John vu Sëll engagéiere sech schon zënter Jore fir hir Gemeng: ugefaang huet et an de 90er Jore mam Duerf-Atelier, dunn ass et mat der Ëmwelt- a Schoulkommissioun a mam BiergerAtelier weidergaang, iert si 2014 Member vum Sëller Klimateam gi sinn.

Firwat ass lech d'Engagement an ärer Gemeng sou wichteg?

Et kann ee bei sech doheem versichen eng heile Welt ze schafen, mee mir si jo awer Deel vun enger Gemeng, engem Land, enger Welt, wou mir ëmmer rëm mat Problemer konfrontéiert ginn. Fir eis geet et drëm mat unzepaken, ze hëllefen, ze handelen. Mir sinn der Meinung, dass d'Mënschen hier Identitéit net aus sech alleng schafen, mee aus der Begéinung mat aneren, aus

der Interaktioun. Bei eisem Engagement, komme mir mat anere Bierger zesumme fir iwwe Problemer ze diskutéieren an sou eppes beweegt ze kréien.

Wat ass är Visioun vun enger liewenswäerter Gemeng?

Fir eis ass eng liewenswäert Gemeng, eng Gemeng mat engem gudden sozialen Zesammenhalt, wou d'Bierger sech treffen a mat bestëmmen kennen, wou et kleng Stroossen, wéineg Autoen, vill Spadséier- a Vélosweeër ginn a natierlech wou et vill Natur gëtt.

An eisen Aen, mécht de villen Traffik eng Uertschaft dout, d'Leit treffen sech net méi op der Strooss, d'Interaktioun an d'Liewensqualität gi verluer, mir falen an eng individualistesche Gesellschaft.

Eng Boule-Plaz op enger zentraler Plaz oder e Gemeinschaftsgaart géing d'Bierger vläit rëm méi zesumme bréngen. De Kontakt, d'Kommunika-

tioun, den Austausch vun Iddie mussen einfach oprecht erhalen bleiwen. Dëst ass am Alldag leider oft schwéier, well mer enzwousch anescht schaffen an eis Verbindung mat eisem Duerf ëmmer méi schwach gëtt.

Natierlech si Veräiner, Museken an de lokale Commerce och ganz wichteg. Dowéinst hu mir eis immens iwwer di nei Bäckerei gefreut!

Wéi kënnen mir des Visioun errechen?

Amplaz ze kloen, soll een aktiv ginn a sech selwer abringen! De Kontakt mat anere Bierger sichen, Iddien diskutéieren an handelen!

Genau sou wéi de Charlie Chaplin am Film "The Great Dictator" sot: "Ihr, das Volk, habt die Macht, das Leben frei und schön zu gestalten – aus diesem Leben ein wundersames Abenteuer werden zu lassen. Lasst uns also – im Namen der Demokratie – diese Macht

anwenden – vereinigt euch! Lasst uns kämpfen für eine neue Welt."

Wat ass äre Message un d'Lieser a Politiker?

Mir bezweifele ganz staark, dass et sou eppes wéi nohaltege Wuesstem gëtt. Loosst eis ophalen eist Land ëmmer weider zou ze bauen an haalt op eis e Wuesstem vun 3-4% Aarbechtsplaz pro Joer als néideg ze verkafen! Kaum ee Mënsch hei am Land wëll an 20 Joer

duebel esou vill Aarbechtsplazen hei am Land hunn - wann dat och duebel esou vill Leit, Verkéier, a Wunnengen heescht. Kee Verkéiersproblem a keng Wunnengsnout kennen esou laangfristeg geléist ginn.

Denkt drun, dass mir eist Land, eise Kanner weiderreechen! Loosst eis also sou nohaltege wéi méiglech liewen!



CLAUDE WILTGEN: EE BËSCH-GAART ZU SCHWEEBECH

D'Famill Wiltgen vu Schweebach huet scho viles an de leschte Joren ëmgemat fir hiren ekologesche Fouss-Ofdrock ze verklengeren: eng Pelletheizung, eng Reewassseranlag, Solarzellen, den 2. Auto verkaf an eng strikt Offall-Trennung um Wunnhaff a Baaltches.

Zënter de Claude d'Formatioun Permakultur Design bei CELL (Centre for Ecological Learning Luxembourg - www.cell.lu) matgemaach huet, ass hien sou begeeschtert, dass hien direkt ee Bësch-Gaart bei sech doheem geplangt huet an d'lescht Joer ugefangen huet ze realiséieren.

Wat ass ee Bësch-Gaart?

Mat engem Bësch-Gaart versicht een esou gutt wéi méiglech di ideal

natierlech Verhältnissen, di an engem Bësch herrschen, ze reproduzéieren, fir méiglechst vill a villfältig Uebst a Geméis ze ernten, an dat mat méiglechst wéineg Aarbecht! Well wann ee mat der Natur schafft, mécht si d'Aarbecht an et brauch een absolut keng chemesch Hëllefsmittel!

Ee Bësch-Gaart ass sou opgebaut: et geet u mat klengem Gewächs (Geméisgaart), da komme Sträicher (all-

méiglech Bieren), Mëttelstamm (Quiden, Quetschen, Hielenner,...) an zum Schluss Héichstamm Beem (Biren, Äppel, Quetschen, Nësserten,...).

Et funktionéiert einfach herrlech gutt, scho bei menger éischer Recolt am Geméisgaart d'lescht Joer hunn ech wahnsinnig Quantitéiten erausgeholl.

Firwat huet Dech dëst Konzept iwwerzeegt?

Nodeems ech vun engem Kolleg heivunner héieren hat, hunn ech d'lescht Joer um Permakultur Design Cours vu CELL deelgeholl. Dës Astellung huet mech iwwerzeegt, well een hei mat der Natur funktionéiert a well een näischt Kënstlech bäifüge muss.

An Däitschland ginn et grouss Bauebetriber, déi reng mat Permakultur schaffen an dat wor mir Beweis genuch, dass et di richteg Schinn ass fir eis Liewensmittel-Produktioun!

Si Bësch-Gäert Denger Meenung no eng méiglech Léisung fir engersäits eis CO₂-Emissiounszieler an anersäits

deem ëmmer méi groussen Drock op eis limitéiert Buedem-Ressourcen entgéint ze kommen?

Op jiddefall! Mat der Permakultur kann een op enger minimaler Fläch enorm Ertrag kréien, dovun kann ee sech bei TERRA um Eecherfeld iwwerzeegen. Natierlech brauch een e gesunde Buedem, dee leider haut zimlech seelen ass. Et muss ee vill kompostéieren an de Buedem just liicht oplockeren an net ëmgruewen, well duerch d'Ëmgruewe gëtt di ganz Struktur am Buedem op d'Kopp gehäit.

Wat ass Däi Message un d'Lieser?

Engagéiert lech an der Transition-Bewegung a schreift lech an d'Permakultur Course bei CELL zu Biekerech an! Do léiert Dir nieft der Permakultur och vill ganz interessant Leit kennen. De Film 'DEMAIN' weist ganz andrécklech op ekologesch Léisungen hin, di jidderer selwer bei sech ka realiséieren an sou zu engem méi respektvollen Émgang mat der Natur ka bäidreien.



Wat ass di gréng Hausnummer?

Dir kennt äert Haus oder är Wunneng mat der Checklescht "Gréng Hausnummer" selwer testen (<http://mouvement.oeko.lu/hausnummer>). Wann Dir op d'mannst 360 vu 600 Punkten erreecht, gëtt lech di gréng Hausnummer unerkannt. Obwuel mir an engem alen Haus vu virun 1865 zimlech ofgeleeë leien an dowéinst net all d'Critèrè vun der Lescht erfëllen, hu mir 420 Punkten.

MIRANDA WELTER: EEN HAUS MAT DER GRÉNGER HAUSNUMMER

Der Miranda Welter ass 2009 di gréng Hausnummer fir hiert ekologescht Haus zu Kapweiler an hir nohaltig Liewensweis unerkannt ginn.



Hei e puer Beräicher, déi mir zënter 1991 ëmgesat hunn: eng 8 kW PV-Anlag, eng thermesch Solaranlag, e Brennwertgerät, Lehm- a Kallekbotz bannen a baussen, Biedem aus massivem Holz mat Perlite an Holzfaser isoléiert, mir brauche wéineg Stroum (3204 kWh 2014/15) a Waasser (95 m³/2015), a benotze Reewaasser fir d'Toilette an d'Wäschmaschinn. Mir fleege e grouse Bongert, deen ons vill Uebst liwwert, mat engem Weier, lokalen Hecken an ale Beem, an e Gaart fir kleng faarweg Friichte mat onsem eegene Kompost. Ons Maataarbechter sinn de Mupp, d'Kaazen, d'Kanéngercher, d'Hénger an déi zwou Alpaka-Dammen, si lafe frei an droen hiren Deel zur d'Biodiversitéit bäi.

Wat wor är Motivatioun fir no dëse Richtlinnen ze bauen?

Meng Motivatioun fir an Harmonie mat der Natur ze liewen ass scho vill méi al wéi di gréng Hausnummer! Ech krut des Liewensweis souzesoen an d'Wéi geluecht, zënter der Pétrolskris an de 1970er Jore sinn ech an der Transition. Als al Indianerin/Hippie ass mäi Wonsch fir eppes bäizedroen ëmmer present:

"Ech liewen déi Wäerter, déi ech an der Welt wëll gesinn."

Wat ech am Liewe man, dréckt dëse Wonsch aus. Ech hoffen, dass ech op mengem Liewenswee e puer Mënschen inspiréiere fir dës Ännerungen och pro aktiv ze gestalten. Et

geet net nëmme drëm fir eiser Äerd manner wéi ze dinn; loosst eis elo esou liewen, dass de mëschlechen Impakt der Äerd gutt deet! Dofir brauche mir eng gemeinsam Visioun! Wéi wëlle mir liewen?

Dir passt och gutt am Alldag op dass Dir méiglechst wéineg Offall produzéiert. Wéi gi Dir do vir?

Meng 60 L Dreckskëscht gëtt héchstens eemol am Mount eidel gemaach, éischter manner. Alles wat vun de Planze kennt geet hannescht op de Kompost. Do servéiere sech d'Déieren, d'Vullen, d'Mueden an d'Bakterien. Als Veganer produzéiere mir wéineg Offall a kaafe kee Gedrenks. Alles gëtt sortéiert an di Plastik-Tuten, déi iwwereg bleiwe, ginn an de Recyclingscenter.

Wat ass äre Message un d'Lieser?

Ech wëll d'Lieser encouragéieren, bei sech ze spiere wat se wierklech brauche fir glécklech ze sinn. Wat si meng reell Bedierfnisser a wat brauch ech fir déi ze erfëllen? Dir wäert merken, dass Dir a Wierklechkeet wéineg braucht, fir zefridden a gesond ze sinn!

Ech wënschen eis all Courage, fir e puer léif Gewunnechten a Fro ze stellen! Dee brauche mer, fir ganz séier a selwer déi Ännerungen ëmzesetzen, déi néideg si fir eis Äerd ze versuergen. Déi Ännerungen, déi eis vu baussen imposéiert ginn, wäerten ons wuel net gefalen!



JEAN-PAUL MOUSEL: DE GRÉISSTE STROMPRODUZENT AN DER GEMENG

De Jean-Paul Mousel huet e landwirtschaftleche Betrib zu Kaalmes mat Mëllech-Kéi. 2013 huet de Jean-Paul 2 Photovoltaik-Anlage vun insgesamt 158 kWp installéiere gelooss.

Wéi ass et dozou komm, dass Du de gréisste Stromproduzent aus der Sëller Gemeng gi bass?

Ech dreemen zënter laangem vun enger Wandmillen op der Kaalmeser Kopp. Well et awer immens komplizéiert ass sou eppes zu Lëtzebuerg genehmegt ze kréien, hunn ech no enger Alternativ gesicht fir meng eegen Energie ze produzéieren. A sou sinn ech op d'Sonnenenergie an d'Photovoltaik komm. Ech hätt och gären nach méi Solar-Moduler geluecht, mee leider ass de Mo-

ment keng Plaz méi am Kaalmeser Stroum-Nëtz.

Wann d'Anlag regelméisseg gebotzt gëtt, produzéiert se genau dat, wat bei der Planung berechent gouf. Si produzéiert dräimol méi wéi mir an eisen zwee Haushälter an am Betrib verbrauchen a spuert pro Joer 33 Tonne CO₂ an (mam aktuelle lëtzebuerger Stroum-Mix berechent). Dat ass sou vill wéi 3,2 Hektar Bësch pro Joer un CO₂ opuhelen.

Hues Du soss nach Projeten am Beräich vum Klimaschutz fir di nächst Joren?

Mir sinn derbäi eng Holzackschnëtz-Anlag ze plangen, déi iwwert ee klengt Wärmenetz 4 Haiser an de Betrib hëtze wäert. Da gëtt eis CO₂-Bilanz nach eng Kéier ee gutt Stéck verbessert!

Vläit kenne mer och iergendwann awer nach weider Solar-Zelle leeën, wann d'Kapazität hei am Nëtz sollt

erhéicht ginn. An ech dreemen nach ëmmer weider vu menger Wandmillen!

Mir wëllen eis och weiderhin un de Renaturéierungs-Projete vu Baachen a Beemplantz-Aktioune vu SICONA bedeelegen. Sou schafe mir nach weider Liewensraim fir de Steekauz, deem seng Verbreedung di leschte Jorzéngte staark zrëckgang ass. Dank dësen Aktiounen, ass de Steekauz zënter e puer Joer rëm zu Kaalmes doheem.

Wat ass Däi Message un d'Lieser?

Mat erneierbaren Energie kann ee sécherlech gutt säi Bäitrag zum

Klimaschutz bäidroen. De Moment awer waarde mer ongedëlleg un dee scho laang versprochenen Uschloss vu Kaalmes un d'Kläranlag. Eng uerdnungsgemäss Ofwaasserentsuegung ass jo awer och dout wichtig fir den Ëmweltschutz...

Ech hoffen, dass dësen Uschloss viru menger Wandmillen ageweit gëtt!



YVES & MYRIAM CONTER-STEFFEN VU SËLL: MIR WËLLEN D'BONGERTEN ERHALEN!

D'Myriam an den Yves Conter-Steffen vu Sëll hunn 2006 de Betrib vum Yves sengen Elteren iwwerholl. Hir alldeeglech Aarbecht versichen si sou gutt wéi méiglech am Aklang mat der Natur ze verrichten. De Betrib besteet nieft der Mëllech- a Fleeschproduktioun och nach aus enger Brennerei, an där d'Uebst vun hiren 280 Uebstbeem zu Brantewäi verschafft gëtt.

Dir hutt nach vill Bongerten. Iwwerall soss am Land ginn d'Bongerten awer ëmmer méi seelen. Firwat?

Eis Äppel-, Biren-, Mirabellen-, Quetschen- a Kiischtebeem gi schon zënter ville Generatioune gefleegt an ënnerhalen. Et ginn e puer Grënn firwat d'Bongerten awer lues a lues am Land verschwannen:

1. Den Drock op landwirtschaftlech Fläche gëtt ëmmer méi grouss duerch Bauland, Kompensatiounsmoosnamen, asw. Dofir sinn ëmmer manner Bauere bereet Wise mat Beem ze beplanzen.
2. Wann de Bongert bis steet, gëtt en als geschützte Biotop klasséiert, et dierf ee kee Bam méi wech man, keng Äscht verbrennen, et kritt ee méi schwéier eng Baugenehmigung op deem Terrain,... dat schreckt af.
3. D'Aarbecht, déi een huet fir esou e Bongert ze ënnerhale, steet net an der Relatioun zum Wäert vum Uebst, dat d'Leit da léiwer bëlleg zu jidder Joreszäit an d'Geschäfte kafe ginn.

Bauern hunn net ëmmer een einfache Stand an eiser Gesellschaft. Trotz hirem immens wichtige Bäitrag zur Liewensmittelproduktioun, ginn sinn oft beschëllegt d'Biodiversitéit ze zerstéieren an d'Dränkwaasser mat Nitrater a Pestiziden ze verschmotzen. Dass dëst ganz oft eng falsch Klischee-Virstellung ass, beweist Dir mat äre villen Ëmwelt-Moosnamen.

Och wa mir kee Bio-Betrib sinn, wëlle mir eise Beitrag zum Ëmweltschutz leeschten. Dowéinst setze mir viles ëm:

1. Zu Schwebbech hu mer an enger Wiss zesumme mam Fierschter 3 Weiere mat Hecken a Beem

ugeluecht. Säitdem huet sech den Heckefresch och rëm ugesidelt an et ass impressionant wéi vill Biodiversitéit bemol hei entstanen ass.

2. An enger Wiss zu Useldeng, déi direkt un d'Atert grenzt, clôturériere mer zënter Joren en Uferrandsträifen. Sou kommen d'Béischten bis Mëtt Juli net méi un d'Waasser an d'Vigel an d'Inten kënne sou a Rou bréien.
3. Eis Mëllechkéi hu während 8 Méint am Joer Dag a Nuecht fräie Weidegang a kënne, wann si wëllen, direkt vum Stall eraus an d'Wiss goen.
4. Do dernieft hu mir eise Pestiziden-Asaz staark reduzéiert.
5. Mir ënnerhalen 2,8 km Hecken an hunn eng Holzackschnitzel-Anlag, déi 2 Wunnhaiser an de Stall hëtzt. Och d'Brennerei gëtt mat Stéckholz gehëtzt.
6. Fir den eegene Verbrauch hu mir ee ganz grouse Gaart mat enger Zär, Hochbeet a Kraider Spiral, wou mir Uebst wéi Äerdbier, Hambier a Kréischelen an all Geméis op biologesch Aart a Weis planzen a séine fir et direkt z'iessen an anzefréieren. Deemno kafe mir bal ni eppes wat mam Fliger importéiert ass.

Wat ass äre Message un d'Lieser?

Wann ee bei sech ufänkt, seng Gewunnechten am Alldag bëssen ännert, awer och oppasst, wat en ësst a beim Kafen iwwerleet wou dat hir kënnt, ... sou ka jiddereen sain Bäitrag zum Klimaschutz leeschten.



Wéi ass et dozou komm, dass mir lo hei am Bauerenhaff vun Denge Grousseltere stinn?

Eise Gesellschaftssystem ass esou ausgerichtet, dass mir laang an d'Schoul mussen goe fir herno méiglechst vill ze verdéngen an eis lessen akafe mussen. Mir gesinn eis Natur als Ressource un, déi mir vollkommen ausbeute kennen, ouni iergendwann eppes müssen zréck ze ginn. Déi Mentalitéit huet mech scho ganz fréi irritéiert an ech hunn ugefaang no Liewensweisen ze sichen, déi méi respektvoll mat der Natur ëmginn.

RAOUL HEUSBOURG VU SËLL: BACK TO THE ROOTS MAT PERMAKULTUR

Opgewuess während enger Zäit vu Globaliséierung, Klimawandel a mënschlechem Ecocide, huet de Raoul sech viru 7 Joer op de Wee gemaach fir a verschiddeenen Entwécklungslänner ze versichen ee positiven Impakt ze maachen. Gläichzäiteg huet hien alternativ Liewensweise kenne geleiert. No Jore voller Reesen, Bäléieren an Introspectioun well hie lo mat der Hëllef vun der Permakultur hei am Land säin Zeeche setzen.

Ufanks 20 sinn ech während Joren duerch d'Welt gereest. Ech hunn ënner anerem, op ekologesche bewirtschaftete Bauerenhaff "gewooft" (méi Info: wwoof.net) a si mat der Permakultur a Kontakt komm. D'Permakultur hat een immensen Impakt op mech an huet mech och gläichzäiteg u meng Kandheet erënnert, wéi ech meng Grousselteren um Haff gehollef hunn. Zënter ech zréck zu Lëtzebuerg sinn, versichen ech, mat der Hëllef vu menger ganzer Famill, dem Haff nees neit Liewen anzehauchen.

Wat ass Permakultur?

Permakultur ass eng Ofkierzung fir 'Permanent Agrikultur' a schafft just mat den Elementer aus der Natur. D'Ziel ass dat vollt Potential vun all Plaz op der Welt kënnen ze erkennen a just mat deem ze schaffen wat d'Natur engem op der Plaz bidd, ouni brauchen op Sprézmittelen, chemeschen Dünger, iwwerméisseg Energie-Ressourcen a wäiten Transport zréck ze gräifen.

Mir brauchen eng ganz nei Approche an eiser Liewensmittelproduktioun, déi op Respekt a Wäert-Schätzung vun eiser Äerd baséiert. D'Permakultur erméiglecht eis zerstiéierte Buedem ze regeneréieren an ee fruchtbaren, resilienten a nohaltege Produktiounssystem opzebauen.

Wéi wëlls Du dat lo ëmsetzen?

2016 ass d'Joer vun den Experimenten, désen Haff spruddelt nëmme vu Potential. Am Moment konzentréieren ech mech op de Gaart an d'Produktioun vu gesondem Buedem, nieft aner méi kleng Projeten.

Et ass mir einfach wichteg dat traditionellt Wëssen iwwert Uplanzen, mat deem neie Wëssen aus der Permakultur ze verbannen an dat de Mënsche méi no ze bréngen.

Wat ass Däi Message un d'Lieser?

Wann's Du wëlls Deel vun dëser aktueller globaler ekologescher Transition sinn, da looss Dech vu näischt a kengem zréckhalen! An de Bicher an um Internet ass all Informatioun heizou fräi zougänglech. Maach just dat wouvun Du iwwerzeegt bass!

An der Permakultur, gëtt et fir all Problem eng ganz einfach Äntwert. Mat opwennegen, deieren high-tech Erfindunge léise mer menger Meeung no d'Problemer vun der Welt net, d'Léisung läit an der Erkenntnis an am Verstoe vun der Natur sou wei an eiser Verbindung zur Natur.



KlimaPakt

meng Gemeng engagéiert sech



SYNDICAT INTERCOMMUNAL "DE RÉIDENER KANTON"

Caroline Schmit | Conseillère Pacte Climat
33, Grand-Rue | L-8510 Redange/Attert
T +352 26 62 08 01 22

caroline.schmit@reidener-kanton.lu | www.klima.lu

Wéi ëmmer soe mir all deene Persounen a Familjen déi matgemaach hunn villmools Merci a wënschen hinnen nëmmen dat Beschit fir d'Zukunft.

D'Témoignagë fannt Dir och op eiser Internetsäit vum Klimapakt Réidener Kanton: www.klima.lu

Wann Dir aus der Useldénger Gemeng sidd, eppes fir de Klimaschutz maacht a Loscht hutt an der nächster Synergie hei virgestallt ze ginn, wiere mir ganz frou, wann Dir lech bei der kantonaler Klimaberoderin Caroline Schmit (T 26 62 08 01 22 - caroline.schmit@reidener-kanton.lu) mell.

MOBILITÄTSSUMFRAGE

Im Februar fand eine Mobilitätsumfrage im ganzen Kanton Redingen statt. Jeder Haushalt konnte mitmachen und uns über sein Mobilitätsverhalten und seine Wünsche informieren.

Insgesamt haben 6,5% der Haushalte teilgenommen. Wir bedanken uns ganz herzlich bei allen Teilnehmern! Nur durch Ihr Feedback, können wir das Angebot optimieren und so gut wie möglich Ihren Anforderungen anpassen. Nach der Auswertung der Formulare im Mai werden die Preise (Reisen nach Paris und Brügge sowie Gutscheine in Restaurants) verlost, die Gewinner von uns benachrichtigt und die Resultate offiziell vorgestellt. Wir werden Sie in der nächsten Synergie über alles informieren!

Le Canton de Redange a organisé une enquête sur la mobilité ce février afin de pouvoir adapter au mieux notre offre à vos exigences.

6,5% des ménages du Canton ont participé à cette enquête et nous remercions de tout cœur tous les participants.

Gemeinde/Commune	% Teilnahme/% Participation	Ranking/Classement
Beckerich	6,0 %	8
Ell	8,2%	2
Groussbus	4,3%	10
Preizerdaul	6,5%	5
Rambrouch	4,6%	9
Redange	8,2%	2
Saeul	9,6%	1
Useldange	8,1%	4
Vichten	6,1%	7
Wahl	6,4%	6
Kanton	6,5%	

Die Gemeinde Saeul war am fleißigsten, mit fast 10% Teilnahme, gefolgt von der Eller und Redinger Gemeinde (8,2%).

La commune de Saeul était la plus active, avec un taux de participation de presque 10%, suivie par les communes de Ell et Redange (8,2%).

KOMM SPUER MAT

Mir huelen d'Atomzentral vum Netz!



Komm Spuer mat – mat dëse Slogan huet den Energieatelier vu Réiden de Kanton vun Ufank un opgefuerdert Energie anzespueren an och de Bierger gehollef nei Spuerziler am Stot z'erreechen.



Null Energieverbrauch ass bal net méiglech an eiser "moderner Gesellschaft" awer däitlech manner Energieverbrauch ass absolut dran – an och absolut erstriewenswäert – egal op doheem, ënnerwee oder op der Schaff. Welle mir Atomzentralen op der Box? Nee. Komm, mir erspueren eis déi nächst Katastroph an huelen dës geféierlech Zentralen zesumme vum Netz.

80 % vun der Populatioun wëll eng Alternativ zur Atomenergie?

Déi Wëll lafen am Bësch...Wie wierklech wëll, muss och aktiv säi Bäitrag leeschten. Wann den Energieverbrauch konsequent erofgeet, ass den Energieliwwerant natierlech net frou. De Marché orientéiert sech no der Demande vum Konsument a net ëmgekéiert. Spiert den dat am Portemonni, jo da réischt kënn Reaktioun am Reakter. Jo souguer eng fir eis positiv Kettereaktioun. Well wa wierklech 80% vun der Populatioun eraus aus der Atomenergie well, da muss dat Ziel jo séier ëmzesetze sinn! Politik wäert dann

och séier Bewegung an d'Spill bréngen. Well och do besteet elo schonn e breede Konsens géint d'Technik vun der Atomenergie.

Äddi Cattenom & Co?

Weltwäit setzen 33 Länner op Kernenergie (Stand 12/2014)

D'weltwäit Stroumproduktioun aus Kernenergie loung 2014 netto ëm ronn 2.419 Milliarde kWh.

Dat ass knapp 5% vun der globaler Energieproduktioun. Et ass eis all méttlerweil bewosst, dat dës Technologie nach ëmmer mat enorme Risike verbonnen ass. De Schued, deen déi löscht Joren duerch Akzidenten a Reakter verursaacht gi sinn, ass riesech, an dat mat fuerchtbare fir Mënsch a Natur. Nach haut hu mir mat de Nofolge vun Tschernobyl ze kämpfe – an dat 30 Joer nom Akzident. D'Katastroph zu Fukushima ass viru 5 Joer geschitt. Nach haut leeft de radioaktive Knascht a grouse Quantitéiten an d'Mier mat Konsequenze fir eis all. Déi éischt Trace

si schonn an de Fëschstäbercher gemeld ginn.

Och 2016 ass nach keng Léisung fir de radioaktiven Offall fonnt ginn.

Bon. Mir müssen déi Saach selwer an d'Hand huelen an hoffen duerch eis Initiativen aner Bierger ze motivéieren op dee selwechte Wee ze goen.

Fazit. Energie ëmschalten. AKW OFSCHALTEN!

D'Léisung läit op der Hand a gëtt scho laang virun allem vun de jonke Generatioune gefuerdert:

- > **Méi Effizienz duerch besser Technik**
- > **Manner Energieverbrauch vun all eenzel Persoun**
- > **Wiesselen op erneierbar Energien (Wand, Waasser, Holz a Sonn)**



KOMM SPUER MAT!
VOTRE POINT D'INFORMATION ENERGIE
ENERGIATELIER A.S.B.L.
33, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert

INFOLINE GRATUITE:
T +352 26 62 08 01
info@ksm.lu
www.ksm.lu

Jidferen ka matmaachen!

Mir eleng kënnen décidéieren wou d'Énergie hierkënt déi mir all Dag verbrauchen.



1) Décidéiert Iech fir proppere grénge Strom

Unni zousätzlech Käschten fir Ären Haushalt gëtt iwwert dës Wee garantéiert dass déi selwecht Quantitéit u Strom déi Dir doheem verbraucht vun Ärem Stromfournisseur um Marché akaf muss gin. Maache mer dat all, gëtt och nach just proppere grénge Strom akaf.

www.oekotopen.lu



2) Notzt Ären Daach fir eng ëmweltfrëndlech Solaranlage

Scho mat enger Photovoltaikanlage vun ca. 25 m² produzéiert Dir esou vill Strom wéi Dir am Haushalt verbraucht. Duerch Subventiounen um Invest an engem garantéierten Verkaufspräiss fir dee selwer produzierte Strom rentabiliséiert sech esou eng Anlage innerhalb vun 8-10 Joer!

Informéiert Iech op der Energie-Infoline 26 62 08 01

Am ENERGIEATELIER zu Réiden [33, Grand-Rue], op www.ksm.lu oder iwwer info@ksm.lu



3) Bedeelegt Iech un enger gemeinschaftlecher Solaranlage

Queesch duerch d'Land goufe méttlerweil a ville Gemengen esou Solaranlagen installéiert wou sech Privatleit akaf konnten an iwwert dës Wee selwer proppere Strom produzéieren. Och iwwert dës Wee ass esou een Invest innerhalb vun 8-10 Joer rentabiliséiert.

4) Gidd Member an enger Energiekooperative

Hei am Réidener Kanton huet de lokale Stromfournisseur "eida energy revolt" zesumme mat enger ganzer Rei Privatpersounen eng Energiekooperative mam Numm "Energy Revolt s.c. – Energie a Biergerhänn" an d'Liewe geruff fir iwwert dës Wee Suen fir ëmweltfrëndlech Investitiounen ze sammelen. Informéiert Iech op www.eida.lu iwwert dës Investitiounsméiglechkeeten mat engem Rendement vun ongeféier 3%!



5) Weist Courage a stitt zu erneierbaren Energien

Sidd houfreg op Är Solaranlage, Holzheizung oder Elektroauto. Stitt an fir eng regional, sozial gerecht, transparent an ëmweltfrëndlech Energieproduktioun a Biergerhand!



GEWÄSSERVERTRAG ATTERT I CONTRAT DE RIVIÈRE ATTERT

WAASSERHAUS INVITÉIERT OP DEN APÉRO AM GAART

Nei am Réidener Kanton: Den Apéro am Gaart!
Op Besuch a Gäert zu Ell, Biekerech & Proz

Et gi verschidde Manéiere fir e Gaart unzeléeën ouni op Pestiziden zeréckzegräifen.

D'Waasserhaus vu Réiden an de Syndicat vum Réidener Kanton woren verschidden exemplaresch Gäert an der Regioun besichen, huet mat hire Besëtzer geschwat fir lech d'Dieren opzemaachen. "Apéro am Gaart" heescht dëst neit Konzept a gëtt lech d'Méiglechkeet lech dës Gäert unzekucken, verschidden Technike kennenzelëiren an lech mat de Besëtzer iwwert hir Motivatioun an Erfahrungen z'ënnerhalen. **Den Apéro gëtt iwwregens offréiert.**



Virgeschmaach op den "Apéro am Gaart" zu Ell beim Renée Coljon-Thein

D'Renée huet e schéine Bio-Gaart vu ronn 1,5 Ar. Dat hei keen Ufänger um Wierk wor, ass nitt z'iwwersinn. Hei wüsst esou zimlech alles u Geméis wat ee fir d'Joer brauch fir gutt iwwert d'Ronnen ze kommen. Ausser Tomaten – net dat déi dem Renée net schmaachen awer déi wëllen einfach net esou wéi hat sech dat virstellt.

Scho vu Klengem un huet d'Renée am Gaart vun den Eltere geschafft: "Dat wor deemools nitt anescht. Mir waren eng grouss Famill an déi huet misste gefiddert ginn. Do wor et selbstverständlech dat een am Gaart gehollef huet." Wann een och deemools nitt emmer loscht hat, ass een awer haut dankbar iwwert alles wat ee geléiert huet. De Rescht huet hatt sech selwer bäibruecht. Dat kënnt him a senge Kanner haut méi wéi zougutt: "Ech kafe wéineg an. Dat Meescht kënnt frësch aus mengem Gaart op den Dësch. Mir



sinn zu 4! A wa mol Iwwerschoss do ass, gëtt dat agemaach, agefruer oder verschenkt."

Am Renée sengem Gaart gi keng Pestiziden agesat. Dofir ass en anert Kraut gewuess: ënner anerem Brennesselpiff. Genat gëtt mat Reewaasser, wat opgefaange gëtt. Eng Jett aner Tipps an Tricks huet d'Renée op Lager – net nëmme wéi ee säi Gaart ouni Pestiziden bearbecht mä och wéi een d'Geméis herno verschafft a stockéiert. Mä dat verode mir elo hei net. Mellt lech un a kommt mat op den Apéro am Gaart. *[Info op Sait 40]*



Pierre JAAQUES

neie Mataarbechter
am Waasserhaus

Gebierteg vu Garnech an deelweis um Bauerenhaff grousseginn, hunn ech, no mengem "Bachelor en Agronomie" an der Belge, während 8 Joer an engem Bureau d'Études geschafft. Ech hu mech do prinzipiell mam Remembrement an der Landwirtschaft an am Wäibau beschäftigt. Am Mee 2015 hunn ech hei am Waasserhaus ugefaangen an sinn zoustänneg fir all déi technesch Projet'en ënner anerem am Beräich Biodiversitéit an den Dierfer, Héichwaasser a Reewaasser, Landwirtschaft an Ëmwelt.



Apéro am Gaart

Comment exploiter son jardin sans pesticides?



Beckerich

7 mai
10h00 – 11h30

Visite d'un jardin à Beckerich exploité suivant les principes de la permaculture.

Lieu de rdv:
à l'inscription

Langue:
Lu

Inscription:
obligatoire jusqu'au 3 mai

Contact:
T +352 26 62 08 08
maison.eau@attert.com

Cout:
gratuit

Participants max:
15

Organisateur:
Kanton Réiden &
Maison de l'Eau de l'Attert asbl

ELL

18 juin
10h00 – 11h30

Visite d'un jardin bio à ELL

Lieu de rdv:
à l'inscription

Langue:
Lu

Inscription:
obligatoire jusqu'au 14 juin

Contact:
T +352 26 62 08 08
maison.eau@attert.com

Cout:
gratuit

Participants max:
15

Organisateur:
Kanton Réiden &
Maison de l'Eau de l'Attert asbl

Pratz

7 juillet
10h00 – 11h30

Visite d'un jardin bio à Pratz

Lieu de rdv:
à l'inscription

Langue:
Lu

Inscription:
obligatoire jusqu'au 28 juin

Contact:
T +352 26 62 08 08
maison.eau@attert.com

Cout:
gratuit

Participants max:
15

Organisateur:
Kanton Réiden &
Maison de l'Eau de l'Attert asbl



Waasserhaus-Highlight: D'Wëldkraut-Tour am Mee

Kraider, déi wëll an der Natur wuessen gi nawell gären Onkraut vernannt. T'gëtt Zäit fir dat ze änneren an op hire Goût ze kommen. Wéi een "Onkraut" kann een iessen, respektiv wat genee kann een dermat preparéieren, Zalot? Smoothie? Knippercher? Maacht mat beim Wëldkraut-Tour an entdeckt déi positiv Säiten vum grénge Geschier.

Huelt lech deemno e bëssi Zäit, bréngt e Sammelkierfche mat, eng Schéier a vill gutt Laun. Méi brauch ee net fir mam Waasserhaus vu Réiden an der Umweltkommissioun Colmar-Bierg op Entdeckungstour ze goën. Och

schlecht Wieder hält eis net op fir Wëldkraider sammeln ze goen, se uschléissend ze preparéieren an zesummen ze genéissen. Et ass en Erliefnis wou een net nëmme vill bäiléiert mä och déi schéi Géigend ronderem

Colmar-Bierg entdeckt. Plaze si limitéiert dofir meld lech nach virum 5. Mee un. Dir kënnt och gären d'Kanner matbréngen!

**Entdecken Sie bei einem
Spaziergang die Vorzüge
essbarer Wildkräuter**

**7 mai
9h30 – 14h00**

Treffpunkt:
Colmar-Berg, Kulturzentrum

Sprache:
Lu

Anmeldung:
erforderlich bis zum 5. Mai

Kontakt:
T +352 83 55 43 1
colmar@pt.lu

Hinweis:
Sammelkörbchen, Schere und wetterfeste Kleidung mitbringen

Kosten:
10 € - Kinder bis 12 J. gratis

Max. Teilnehmerzahl:
20

Organisator:
Umweltkommission Colmar-Berg,
Maison de l'Eau de l'Attert asbl



KULTURELLE FRÜHLINGSBOTEN IM CUBE 521



Informationen, Karten und das ganze Spielzeitprogramm finden Sie unter

www.cube521.lu | T + 352 521 521

ING

SEO

Gulf

Post

CUBE
521

CUBE 521 | 1-3 Driicht | L-9764 Marnach | Luxembourg
info@cube521.lu | T +352 521 521

Die **Urstimmen** entzündeten am **21. Mai** ein stimmliches Feuerwerk aus Comedy und A-Cappella. In ihrem neuen Programm **Beziehungsweise** verschmelzen sie Szenisches, Textliches und Musikalisches zu einem Guss aus sprühendem Witz und feiner Ironie.

Der Comedian **Torsten Sträter**, bekannt durch zahlreiche Fernsehauftritte und Auszeichnungen (u.a. Jury-Preis beim großen Kleinkunstfestival für Kabarett, Comedy und Musik 2014), präsentiert am **27. Mai** mit **Selbstbeherrschung umständehalber abzugeben** ein Programm aus literarischem Kabarett, Comedy und Poetry-Slam der Spitzenklasse.

Im Rahmen des Klänge Maarnicher Festival 2016: Die begnadeten Pianistinnen **Sabine Weyer & Katarzyna Wieczorek** trumpfen am **29. April** in vollendeter Harmonie mit Klavierkonzerten von Johann-Sebastian Bach auf. Katarzyna Wieczorek ist am **30. April** ein weiteres Mal mit ihrem **Limes Trio** zusammen mit Dimiter Ivanov (Geige) und Ulrich Horn (Cello) zu sehen. Die Musiker des **Ensemble Mouvance** begeistern am **28. Mai** auf der Violine, dem Kornett, der Posaune und dem Klavier mit Werken von Debussy bis Kurt Weill. **Jean Muller** ist am **29. Mai** mit dem dritten von insgesamt vier Konzerten seiner virtuoseren Mozart-Klavierreihe zu Gast.

In einer Koproduktion mit dem Théâtre National du Luxembourg und der Compagnie Ghislain Roussel präsentiert das Cube 521 am **3. Juni** das bewegende Drama **Savannah Bay** von Marguerite Duras mit Marja-Leena Junker & Ludmilla Klejniak, einem Stück auf Französisch über die Erinnerung, zwischen Bühnenwirklichkeit und erhoffter Vergangenheit.

Der außergewöhnliche Schauspieler **Matthias Brandt** (Adolf-Grimme-Preis, Goldene Kamera, Bambi 2012 u.a.) interpretiert am **5. Juni** Hitchcock's filmisches Jahrhundertwerk **Psycho** gemeinsam mit dem Pianisten und Sänger **Jens Thomas** (SWR Jazzpreis, Int. Jazzpreis Nürnberg u.a.). Die gleiche emotionale Wucht des Films bringt Brandt allein mit ausdrucksstarker Stimme, Mimik und Gestik zum Ausdruck.

Die Opera du Trottoir führt am **10. Juni** die Operette **Op der Juegd** von Dicks auf und entschärft in gewohnt lustiger Manier die Diskussion rund um das umstrittene Thema der Jagd.

Am **16. Juni** laden der Autor **Pierre Puth** und der Saxofonist **Paul Dahm** mit **Lëtzebuerg de Lëtzebuenger oder Iwwer den Nuebel vun der Welt** zu einem Exkurs über die luxemburgische Identität ein.

Die Inszenierung **Das kleine Gespenst** der Burghofbühne Dinslaken, nach dem bekannten Kinderbuch von Otfried Preußler, begeistert vom **26. bis zum 28. Juni** mit mitreißender Musik von Markus Reyhani, einem fantasievollen Bühnenbild und stattlichen Kostümen.

Als feuriger Abschluss der Saison 2015/2016 beeindruckten das spanische Ausnahmetalent **Juan Carmona** ("Grand Prix Ziryab des virtuoses 2015" des internationalen Musikrats der UNESCO) und sein Septett am **2. Juli** mit virtuossem Gitarrenspiel und lebendigen Flamenco-Rhythmen.

Ecole de musique du Canton de Redange

PRESENTATION DES DIFFERENTS
INSTRUMENTS PAR LES ENSEIGNANTS ET
LES ELEVES DE L'ECOLE DE MUSIQUE
DU CANTON DE REDANGE



P
O
R

Concerts par les ensembles de flûtes,
de saxophones,
de cuivres,
de clarinettes,
de cordes,
de percussion, ...
dans les différentes salles de l'école

T
E

O
U

Samedi,
le 07 mai 2016

A l'Ecole fondamentale
1, Allée des Tilleuls
de 10h30 à 14h00

V
E
R

T
E



- Présence de magasins de musique, de luthiers,...
- Possibilités d'essayer les différents instruments.

■ Un service boissons et restauration sera assuré tout au long de la porte ouverte.

- Une navette avec le « Jhangeli » sera organisée entre l'école fondamentale et le parking en face du Lycée à partir de 10h00.



P+R Park and Ride

AGENDA

ABRËLL

A PARTIR DU 25.4

de 9h-12h
Moulin de Beckerich - Millenatelier

Cours de calligraphie

Cours données par D. Garrot.
Aucun prérequis demandé
Dates des cours: 25 avril, 9 mai, 23 mai, 13 juin, 20 juin et 4 juillet 2016
Prix: 50 € pour 6 cours
Inscriptions et org.: I. Bernard / d'Millen asbl
T +352 691 510 372 - info@dmillen.lu
www.dmillen.lu

30.04

08h-18h

Fréijoërsmaart Kid's4Fun

Animation an der Groussgaass,
Spiller & Maartstänn



MAILT EIS ÄR MANIFESTATIOUNEN

(Juli bis September 2016)
fir de gratis Agenda eran
op info@artandwise.lu.

Art&Wise hëlt sech d'Recht eng
Préselectioun ze maachen op
Basis vun der Plaz déi iwwreg
bleift.

MEE

01.05

Sportshal Biekerech

Semi-Marathon

01.05

10h-18h
Nidderpallen, rue du Lavoir
& rue des Bottes

Konscht & Hobbymaart

Org.: Nidderpallener Veräiner

01.05-31.10

Op Entdeckung mam Jhangelis-Zichelchen tëschent Biekerich a Maartel

À la découverte avec le train touristique
"Jhangelis" entre Beckerich et Martelange
Du 1er mai jusqu'en octobre tous les dimanches
excepté le 4ème dimanche du mois
Info & Réservation:
Administration Communale Redange
T 23 62 24-1 - info@jhangelis.lu
www.jhangelis.lu

04.05

20h
Sportshal Groussbus

Gala-Concert am Kader vum Jubiläum 160 Joer Groussbusser Musek

Mam Thema "Ab in den Süden"
Direktioun: Pierre Rongvaux
Entrée: 5 € (bis 12 Joer fräi)
www.musek.groussbus.lu

05.05

Parverbandfest

Org.: Parverband Helpert

05.05

10h-3h
Biekerech

42. Landjugenddag

Org.: Landjugend Zenter
www.jongbaueren.lu

05.05

20h
Moulin de Beckerich - Salle Scheier

Jeudi au moulin Le marais de Grendel (F)

Conférence d'Elisabeth Tonglet du
Parc Naturel de la Vallée de l'Attert
Entrée libre et gratuite.
Org.: d'Millen asbl - Infos: I. Bernard
T +352 691 510 372 - info@dmillen.lu
www.dmillen.lu

06.05

Préizerdaul - Fabrik

Chill Out am Bistro

07.-14.-21.05

08h-12h
Op der Schock

Verkauf vu Summerplanzen

www.ods.lu

07.05

14h30

Visite guidée du marais de Grendel (B)

En compagnie d'Elisabeth Tonglet du Parc
Naturel de la Vallée de l'Attert.
Gratuit - Inscription souhaitée pour le 5 mai
auprès d'I. Bernard/Asbl d'Millen
T +352 691 510 372 - info@dmillen.lu
www.dmillen.lu

07.05

Centre Culturel Rammerich

Gala-Concert

Org.: Pompjeesmusik Rammerich

08.05

10h-18h

Grousse Konscht & Handwierkermaart

Fräien Entrée. Erléis fir e gudden Zweck
Org.: Fraën a Mammen aus der Gemeng Sëll

08.05

10h
Centre Camille Ney Ell

KannermaufELL-Tour, Spadséieren an lessen, 5 Gäng

Umeldung vum 11.4-03.05 um
T +352 23 64 01 35
Org.: ELLteren a.s.b.l.

14. & 15.05

Schiefermuseum Uewermartel

Koll an Aktioun

GRATIS Festival mat Concerten, Streetani-
matioun, Konschtexpo, Lokalem Maart, Vegan
Brunch, Dag vun der Lee an Multikulturalitéit
www.kollanaktioun.lu

18.05

9-12h30

Rammericher Maart

22.05

14h - 18h

Invitation aux Musées au Moulin de Beckerich

A partir de 11h: démonstration de coupes
de bois à l'ancienne à l'ancienne scierie de
Beckerich

A 11h et à 14h: visites guidées en F et en L du
site du moulin de Beckerich

A 15h: circuit-découverte des abeilles autour de
l'étang du moulin en L avec monsieur F. Filbg,
apiculteur

A 16h: conférence de madame I. Bernard: "A la
découverte des anciens Métiers du Luxembourg
grâce aux archives" (F)

Entrée libre et gratuite pour toutes les activités

Org.: d'Millen asbl - Infos: I. Bernard
T +352 691 510 372 - info@dmillen.lu
www.dmillen.lu

28.05

Préizerdaul

Public Viewing Champions-League Final, Festsaul

Org.: Dauler Schimmelkëscht

29.05

Fabrik Préizerdaul

Concert des enseignants

Musékschoul Kanton Réiden

JUNI

02.06

20h
Beckericher Mühle - Saal Scheier

Les jeudis au Moulin: "Eine blühende Industrie: Die Luxemburger Rosen gestern. Und heute?"

Ein Vortrag von Mireille Steil & Nicole Trossen (L)
Eintritt frei.
Org.: d'Millen asbl
Infos: J. Schrell - T +352 691 510 370
info@dmillen.lu - www.dmillen.lu

03.06

Préizerdaul - Fabrik

Chill Out am Bistro

04.06

17h30-03h00
Kierch Réiden

Rock un der Atert

TUYS	18h00-18h45
Tëschegas	19h00-19h45
Birdbones	20h00-21h00
Redhills	21h15-22h15
FOX	22h30-23h30
The Distiked	23h45-00h45
Toxkääp	01h00-02h45

Org.: Harmonie St. Cécile Redange/Attart a.s.b.l.
www.reidenermusik.org

04.06

14h

Besichtigung eines privaten Rosengartens in Schrassig

Anmeldung und Information: d'Millen asbl
T +351 691 510 -370/-372 - info@dmillen.lu
www.dmillen.lu

04. & 05.06

4.5. de 11h-01h & 5.5. de 10h-19h

X. Mëttelalterfest mat iwver 70 Stänn

Spektakel an Gaudi ronderëm
d'Buerg zu Useldeng
www.useldengmedieval.lu
Org.: FC Jeunesse Useldange

11.06-03.07

Moulin de Beckerich
Millegalerie

Exposition "Inspirations du Nord"

Sculptures en terre de Steinunn Graas,
originnaire d'Islande. Exposition accessible
du mardi au jeudi de 17h à 21h et du
vendredi au dimanche de 14h à 21h.
Infos: T +352 621 25 29 79
millegalerie@beckerich.lu

12.06

14h-17h
Moulin de Beckerich
Millegalerie

Atelier sculpture en terre

Pour adultes et enfants à partir de 8 ans.
Avec Nicole Huberty. Réalisation d'un
réceptif à rêves, objet inventé et façonné
avec des textures magiques.
Prix: 30 € - Org.: d'Millen asbl
Infos et inscriptions: T +352 621 25 29 79
francoise.bande@beckerich.lu

15.06

09-12h30

Rammericher Maart

18.06

20h

Kapelle am Kahlen- berg in Beckerich

Konzert von André Mergenthaler: Cel-
lo-Loops
Eintritt (Abendkasse): Erwachsene: 15 €
Jugendliche (13-18 Jahre): 7,50 €
Kinder: freier Eintritt
Eine Anmeldung ist erforderlich:
Beckericher Kulturkommission
T +352 23 62 21-1 - manuela.wiltzius@
beckerich.lu

18.06

14h-17h
En Dag an der Natur

Moulin de Beckerich - Autour de l'étang du moulin


Des sources à la bouteille: un parcours sur
l'eau pour les enfants de 8 à 12 ans dans le
cadre de "En Dag an der Natur"
Visites en L et en F (15 enfants maximum
par groupe) - Gratuit mais inscription
obligatoire pour le 13.06.2016 auprès d'I.
Bernard/Asbl d'Millen: T +352 691 510 372
ou info@dmillen.lu - www.dmillen.lu

REGIONEWS

Nei Psychologin Clinicienne zu Biekerech


Zu Biekerech am Frisingshaus, direkt vis-à-vis vun der Gemeng, huet sech eng Psychologin Clinicienne & Psychothérapeutin niddergeloes. D'Lindsay Jacquet ass deemno prett seng nei Clienten an engem vertrauleche Kader z'empfanke.

Seng Spezialisatioun: Den Deuil Périnatal



Lindsay Jacquet
Psychologin Clinicienne
& Psychothérapeutin

7, Dikrecherstrooss
L-8325 Beckerich
T +352 671 012 239
lindsay.jacquet@psychologue-beckerich.lu
www.psychologue-beckerich.lu



RIDO
SARL
Christiane

Ridoen
Storen
Raffrollos
Lambrequin
etc...

Telefonische
Rendez-Vous
Och Owes a
Samschdes Moies.
30 Joër Erfahrung
Gratis Devis

Schneider Christiane
6, Batzent - L-8551 Nierden
☎: 23 620 847 - 📠: 26 620 502
info@rido-christiane.lu
www.rido-christiane.lu

Mir hunn och
Gaardestrandkierf

Berodung dohem - Konfektioon op d'Mooss



APPELEZ-NOUS POUR UN
DEVIS GRATUIT
AVEC SIMULATION
T +352 88 82 41

SPÉCIALISTES EN ÉNERGIES RENOUVELABLES DEPUIS 1995



SOLAIRE THERMIQUE



PHOTOVOLTAÏQUE



RÉCUPÉRATION D'EAU DE PLUIE

TOPSOLAR, UN SEUL INTERLOCUTEUR, DE LA CONCEPTION À L'INSTALLATION.



2, am Clemensbongert · L-9158 Heiderscheid · T +352 88 82 41 · grosbusch@topsolar.lu · reiners@topsolar.lu www.topsolar.lu



NERDEN CONSTRUCTIONS



www.nerdenc.lu
Tél.: 26 62 12-58

Constructions • Chapes • Carrelages
Facades • Plafonnages

**Nada Brahma-Praxis
fir Klang- an
Energieheulung**
Nathalie Nalu De Lorenzi

1, Ditzebierg
L-8545 NIEDERPALLEN
Tél: 26 61 02 59 / 621 361 059
klangundenergie@gmail.com
www.klangschalen-therapie.lu

NOTRE SERVICE SALAIRE POUR FACILITER VOTRE QUOTIDIEN !

Calcul et traitement des salaires,
avantages en nature et autres rémunérations.

Déclarations fiscales et sociales.

Tenue des **livres de salaires** et assistance
lors du contrôle fiscal.

Traitement des salaires à **l'étranger**.

Tous traitements en relation avec
le salaire (congs extraordinaires ;
chômage intempéries ; déclarations
ADEM ; etc.).



**Fiduciaire
interrégionale** s.a.
fiduciaire comptable

Secrétariat social / comptabilité / bilans /
déclarations fiscales / conseil fiscal / démarches
administratives / demande de subventions /
traitement de la TVA internationale

14, Hauptstrooss L-8720 Rippweiler
t +352 23 62 33-1 f +352 23 62 33-29
fiin@pt.lu